LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Gemeinsam Äntwert vun der Madame Justizministsch, Elisabeth MARGUE, dem Här Innenminister, Léon GLODEN, an dem Här Minister fir Bildung, Kanner a Jugend, Claude MEISCH, op d'parlamentaresch Fro Nr. 3190 vum honorablen Députéierten Marc GOERGEN.**

**1) Wéi huet sech d'Unzuel u Signalementer am Kader vum Kanner- a Jugendschutz an de leschte fënnef Joer entwéckelt?**

Hei drënner d'Evolutioun iwwert déi lescht 5 Jore vun den Affairen, déi vun de Sektiounen « Délinquance juvénile et maltraitance contre les mineurs » an « Protection de la jeunesse et infractions à caractère sexuel » vum Service de Police judiciaire traitéiert goufen.

Et gëtt grondsätzlech keng Distinctioun gemaach tëscht Affairen, déi vum Parquet kommen, déi proaktiv vu Police Beamte gefouert goufen opgrond vun enger « auto-constatation » oder Affairen, déi Leit selwer un d'Police erun droen.

Mat Ausnam vum Pandemie-Joer 2020, ass d'Zuel vun den Dossieren all Joers an d'Luucht gaangen.

***Délinquance juvénile et maltraitance contre les mineurs***

| | | | |
|---|---|---|---|
| **2019** | 579 | | |
| **2020** | 482 | - 16.75% | ↘ |
| **2021** | 615 | + 27.55% | ↗ |
| **2022** | 669 | + 8.07% | ↗ |
| **2023** | 851 | + 27.20% | ↗ |
| **2024** | 899 | + 5.65% | ↗ |

***Protection de la jeunesse et infractions à caractère sexuel***

| | | | |
|---|---|---|---|
| **2021** | 315 | | |
| **2022** | 324 | + 2.86% | ↗ |
| **2023** | 377 | + 16.36% | ↗ |
| **2024** | 441 | + 16.98% | ↗ |

**2) Bei wéi engen Institutioune goufen d'Signalementer gemaach, a wéi verdeelen sech d'Zuelen hei (wéi vill Signalementer goufen a Spideeler gemaach, wéi vill bei der Police, wéi vill beim Ministère fir Bildung, Kanner a Jugend, wéi vill beim SCAS, etc.)?**

Bei de Justizautoritéite ginn d’Signalementer op der Basis vum Gesetz vum 10. August 1992 iwwert de Jugendschutz gemaach. Déi zoustänneg Autoritéite sinn d‘Jugendschutzsektioun vum Parquet an d’Jugendgeriicht.

D’Signalementer ginn net direkt beim SCAS gemaach. De SCAS gëtt vun de Justizautoritéiten, déi e Signalement kruten, beoptraagt eng Enquête sociale duerchzeféieren, fir d’Situatioun vun de betraffene Kanner opzeklären a Propositiounen iwwert eventuell Schutzmoossnamen ze maachen, déi kéinten néideg sinn.

De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) hëlt keng Signalementer op. Falls de MENJE alarmant Informatioune kritt, gëtt en dës direkt un de Parquet Jeunesse oder un de SCAS virun.

Déi follgend Zuele kënnen aus den Aktivitéitsrapporte vun de Parqueten an de Jugendgeriichter ofgeleet ginn:

**Tableau 1 : Nei Dossieren bei de Parqueten am Beräich vum Jugendschutz**

| | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|
| **Luxembourg** | 1 152 | 1 469 | 1 549 | 1 976 | 1 721 |
| **Diekirch** | 648 | 566 | 436 | 435 | 466 |

**Source :** rapport d’activité 2024

En "neien Dossier" bezitt sech op eng nei Jugendschutzprozedur, déi fir een oder méi Kanner aus der selwechter Famill opgemaach gouf. En Dossier ka verschidde Signalementer, Rapporten, Aussoen an aner Dokumenter aus verschiddene Quellen enthalen (Police, SCAS, Schoul, SePAS, Sozialamt, ...).

Et sief ugemierkt, dass d’Zuele virun 2022 tëscht de Parqueten net vergläichbar sinn, well de JUCHA System net d’selwecht bei deenen zwee Parquete funktionéiert huet. Beim Parquet Lëtzebuerg gouf eng Affär pro Fratrie opgemaach. Dat heescht, wa verschidde Kanner aus enger Famill verschidde Virfäll haten déi signaléiert goufen, da gouf et trotzdeem nëmmen een Dossier, wou déi verschidde Virfäll regroupéiert opgefouert goufen. Zu Dikrech gouf et awer fir all Virfall en Dossier. Säit 2022 funktionéieren déi zwee Parqueten hei eenheetlech, nämlech sou wéi de Parquet Lëtzebuerg virdru funktionéiert huet.

**Tableau 2 : Aktivitéite vun de Parqueten am Beräich vum Jugendschutz**

| | Type d'évènement | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| **Luxembourg** | ***Informations*** | *1 298* | *2 049* | *2 921* | *3 336* | *2 657* |
| | ***Procès-verbaux*** | *1 651* | *2 237* | *2 517* | *3 081* | *3 566* |
| | ***Rapports*** | *8 859* | *9 975* | *10 139* | *13 143* | *14 604* |
| | ***Signalements*** | *749* | *1 021* | *1 253* | *1 623* | *1 776* |
| | ***Sous-total de pièces traitées*** | ***12 557*** | ***15 282*** | ***16 830*** | ***21 183*** | ***22 603*** |
| **Diekirch** | ***Informations*** | *368* | *560* | *709* | *827* | *682* |
| | ***Procès-verbaux*** | *407* | *613* | *1 015* | *1 431* | *1 087* |
| | ***Rapports*** | *1 599* | *1 915* | *2 327* | *2 979* | *2 573* |
| | ***Signalements*** | *223* | *326* | *389* | *425* | *469* |
| | ***Sous-total de pièces traitées*** | ***2 597*** | ***3 414*** | ***4 440*** | ***5 662*** | ***4 811*** |
| **Total** | **Informations** | 1 666 | 2 609 | 3 630 | 4 163 | 3 339 |
| | **Procès-verbaux** | 2 058 | 2 850 | 3 532 | 4 512 | 4 653 |
| | **Rapports** | 10 458 | 11 890 | 12 466 | 16 122 | 17 177 |
| | **Signalements** | 972 | 1 347 | 1 642 | 2 048 | 2 245 |
| | **Total de pièces traitées** | **15 154** | **18 696** | **21 270** | **26 845** | **27 414** |

**Source :** rapport d'activité 2024

**Tableau 3 : Nei Affären vum Jugendgeriicht**

| | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|
| **Luxembourg** | 437 | 396 | 426 | 284 | 390 |
| **Diekirch** | 159 | 216 | 157 | 151 | 112 |
| **Total** | **596** | **612** | **583** | **435** | **502** |

**Source :** rapport d'activité 2024

Betreffend nei Affäre beim Jugendgeriicht ass et wichteg drop hinzeweisen, datt en Dossier ufanks bei der Jugendschutzsektioun vum Parquet opgemaach ka ginn. Wann de Parquet Schutzmoossname fir de betraffene Mannerjärege da fir néideg hält, leet hien den Dossier un de Jugendriichter weider, deen dann d'Leedung iwwerhëlt. Dofir kann et dann zu enger duebeler Zielung vu Fäll kommen, eng Kéier beim Parquet an dann nach eng Kéier beim Jugendgeriicht.

Et ass och wichteg ze wëssen, dass dësen Tableau nëmmen d'Zuel vun den **neie** Fäll opweist, déi am Laf vum betraffene Joer bei de Jugendgeriichter opgemaach gi sinn. D'Zuel vun de Fäll déi aktiv sinn ass awer vill méi héich, well d'Jugendgeriicht zoustänneg bleift sou laang d'Schutzmoossnamen, déi et ugeuerdnet huet, a Kraaft bleiwen.

D'Majoritéit vun de Signalementer, déi d'Police vum Parquet kritt, stamen aus dem Secteur scolaire a social. D'Police féiert awer keng méi detailléiert Statistiken zur Hierkonft oder zur Identitéit vun de Persounen, déi Signalementer maachen.

**3) Wéi vill Kanner goufen no dëse Signalementer placéiert?**

D'Police féiert keng Statistiken zu Signalementer, déi zu engem Placement gefouert hunn.

Den Tableau heidrënner weist d'Zuel vun den temporäre Placementer, déi pro Joer vun de Jugendgeriichter decidéiert ginn.

Et ass informatesch awer net méiglech, eng direkt Verbindung tëscht Signalementer a Placementer opzeféieren. Placementer kënnen zum Beispill och a Fäll ausgestallt ginn, déi net nei sinn, mee déi scho puer Joer virum Jugendgeriicht unhängeg sinn. Dëst ass zum Beispill de Fall, wann d'Situatioun vun engem Kand, dat schonn e Suivi familial a Form vun enger Assistance educative kritt, sech sou verschlechtert, datt et néideg gëtt, et ausserhalb vu sengem familiären Ëmfeld ze placéieren, fir säi Schutz ze garantéieren.

**Tableau 4 : Mesures de garde provisoire du tribunal de la jeunesse**

| | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|
| **Luxembourg** | 167 | 257 | 256 | 231 | 227 |
| **Diekirch** | 82 | 96 | 66 | 96 | 68 |
| **Total** | **249** | **353** | **322** | **327** | **295** |

**Source :** rapport d'activité 2024

Am Rapport d'activité vun de Jugendgeriichter gi just d'Placementer, déi vun engem Riichter decidéiert goufen, mat abegraff, net déi, déi vum Parquet ausgestallt goufen. De Parquet ass zoustänneg, wann d'Jugendgeriicht net saiséiert ka ginn, z.B. an der Nuecht, um Weekend oder op Feierdeeg.

Lëtzebuerg, den 18. Dezember 2025

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue